

Rapport vun der Kommissioun vum drëtten Alter

Sëtzung vum 17 Mäerz 2026

Präsenzen

Present (Quorum 50% , ≥6)	Net present	Observateuren a Experten
Pascale BERNA Yolande EVERAD-GRAFF Sylvie GIERES-DEITZ Carlo KOEPP (Sekretär) Corinne REDING-SCHARLÉ (Presidentin) Seth RUEF Liselotte RUEF-VOGT (Vize-Presidentin) Lydie RUPPERT Suzanne WEIS-COLLÉ Sandy WIRTZ	Stefanie BLOCK (entschëllegt)	

Dagesuerdung

Déi follgend Dagesuerdung gouf op d'mannst 2 Deeg virun der Sëtzung un (3e.age@helperknapp.lu) an op odj@helperknapp.lu verschéckt, respektiv nodréiglech, op Ufro vu Memberen oder dem d'Memberen Schäfferot, ugepasst

1. Begréissung, Presenzelëscht
2. Rapport vum 27. Januar
3. Demanden a Retouren vun der Gemeng
4. Kinoler
5. Konferenz iwwert d' Sécherheet
6. Senioren Feier

Punkt 1 : Begréissung, Presenzelëscht

Virun de Sëtzung hate mir eis Kaffi Stuff. Dobäi hu mir och eise nei Member, Sandy Wirtz, häerzlech wëllkomm geheescht an him eng gutt Zesummenaarbecht gewënscht.

Zéng Memberen waren präsent an 1 Member hat sech excuséiert.

Punkt 2 : Rapport vum 27. Januar

De Rapport gouf unanime approvéiert!

Punkt 3: Demanden a Retouren vun der Gemeng

Et louchen keng Demanden vir. Et gouf awer bemierkt, dat d' Gemengen Mataarbechter eis gutt ënnerstëtzen.

Punkt 4 : Kinoler

De Termin fir de Kinoler ass den 22 Abrëll an et geet den Däitsche Film "Extrawurst" gewisen.

Bis dato louch nach keng Invitatioun fir, déi wäert awer geschwënn an der Bréifboîte leien. Fir den Allez-Retour e Bus organiséiert. Déi, déi léiwer mam eegene Gefier kommen, fannen net wäit vum Kino Parkméiglechkeeten an der „Rue de l'École“.

Eng Woch virum dem Termin soll d' Unzuel vun de Leit matgedeelt ginn, fir "Kuch" virzegesinn.

Punkt 5: Konferenz iwwert d' Sécherheet

Leider war d'Resonanz net gutt. D'Madamm, déi d'Presentatioun gehalen huet, huet däitlech Schwächte gewisen an huet sech dacks widderréit. D'Presentatioun um Ecran war net méi op dem neiste Stand, an och déi kleng Filmbäitrag waren net gutt gemaach.

Punkt 6 : Senioren Feier

D'Gemeng huet den Termin vun der nächster Senioren Feier op de 6. Dezember, also op den Nikleeschen's Dag, festgeluecht. Mir halen diesen Datum net fir ganz glécklech, well munch Bomien a Bopien deen Mëtteg traditionell gären mat hiren Enkelkanner verbréngen.

Och wann et nach e bëssen fréi ass, huet d'Lydie fir de **Cadeau** e Glas Hunneg vu Brouch mat engem hëlzenen Hunnegläffel virgeschloen. Dës Iddi gouf approvéeiert; de Präis läit ënner 10 €. Mir solle kuerzfristeg eng Äntwert dozou ginn.

Fir d'Musek schloe mir vir, den nämmechten Interpret wéi d'lescht Joer, de Patrick Wilmes (Dancing Sound), erëm unzufroen.

Bei de leschte Feiere goufen haaptsächlech d'Blumenarrangementer gäre vun Eenzelen matgeholl. Dat schéngt eis net optimal, well e puer sech zwar driwwer freeën, vill anerer awer eidel ausginn. Hei soll eng adequat Léisung fonnt ginn, zum Beispill datt näischt verschenkt gëtt oder datt Interesséiert géint e klengen Don eppes mat huele kënnen.

Nächst Versammlung: 12. Mäi um 18 Auer

Fir déi nächst Dagesuerdnung kann een déi follgend Punkten scho vermierken:

- Validatioun Rapport
- Retouren, Demanden aus dem Gemengerot
- Rentner Feier, eventuell lescht Detailer
- Ausfluch Marie-Astrid
- Iddien fir eng nächst Konferenz
- Divers

Dëse Rapport soll an engem Délai vun 2 Wochen no der Sëtzung un d'Memberen verschéckt a no der Approbatioun als PDF un déi verantwortabel vun der Administration (Laetitia.Strotz@helperknapp.lu & yves.munchen@helperknapp.lu) weidergeleed.